N°600
Entrée le 12.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.04.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Ëmmer nees kënnt et vir, dass Medikamenter an den Aptikte kurzfristeg net méi disponibel sinn an erréicht no e puer Wochen ërem verkaf kënne ginn. Grond dofir kënne Problemer um Niveau vun der Produktioun oder vum Transport sinn, mee awer och d'Kontigentéierung vu bestëmmte Medikamenter spillt hei eng Roll.

Vun enger Kontingentéierung vun engem Medikament schwätzt een, wann en Hiersteller eng bestëmmten Unzuel un Dose pro Land festleet, déi pro Mount geliwwert dierfe ginn. Wann d'Nofro an engem Land méi héich ass, wéi d'Unzuel u Medikamenter, déi dem Kontingent entspriechend geliwwert dierfe ginn, kënnt et um Enn vum Mount zu Engpäss. Wann e Land säi Kontigent opgebraucht huet, ginn nämlech keng weider Dose geliwwert - an dat och wann den Hiersteller der eigentlech nach op Stock hätt.

D'Kontingentéierung baséiert op der Idee, dass all déi beliwwert Länner iwwert dat ganzt Joer Medikamenter erhalen an et net an engem Land zu Engpäss kënnt, well an engem aneren ze vill akaf gouf. Wann d'Produktioun vun engem Medikament limitéiert ass, kann eng Kontigentéierung also zu enger méi fairer Verdeelung bäidroen. Leider héiert een awer och ëmmer nees vu Medikamenter, deenen hier Distributiounszuelen vum Hiersteller kënschtlesch niddreg gehaale solle ginn, fir Paralellexporter ze verhënneren. An dëse Fäll géif Opgrond vu wirtschaftlechen Interesse manner produzéiert a verkaf ginn, wéi méiglech wier, well d'Hiersteller sécher stelle wëllen, dass all Land just grad genuch Medikamenter kritt, fir d'Besoine vun der Bevölkerung ze decken, esou dass sech keen Exportmarché entwéckele kann an d'Hiersteller d'Kontroll iwwert de gesamte Verkaf behalen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng Medikamenter, déi a lëtzebuergeschen Apdikten Akaf kënne ginn, si vun enger Kontingentéierung betraff?

2. Wéi vill vun dëse Medikamenter konnten an de leschten 12 Méint zu engem gewëssen Zäitpunkt net méi Verkaf ginn, well de Kontingent opgebraucht war?
   Op wéi engem Datum waren dës Kontingenter pro Medikament pro Mount jeeweils erschöpft?

3. An der Äntwert op d'parlamentarescher Fro N°3024 vun 2009 hat d'Regierung gesot, dass et bei

de lëtzebuergesche Verkafszuele wéinst dem verhältnisméisseg klengen Effectif zu prozentual héije Schwankunge kéint kommen, déi dozou féiere géifen, dass d'Zuele vun de d'Kontingentéierungen net ëmmer richteg op de Lëtzebuergesche Marché passen. Wat gouf säitdeem gemaach, fir mat dësem Problem besser ëmzegoen?

4. Wéi eng Beméiungen si geplangt oder goufe vun der Regierung ënnerholl, fir ze verhënneren, dass kontingentéiert Medikamenter temporär an den Apdikten net méi ze kréie sinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

www.piraten.lu